

pen oder individuell, an dat alles kënnt an deen Dossier fir éischstens de Progrès - Wat sinn d'Progrèsse vun de Schüler? Wat kënnen se? - ze dokumentéieren. An dat gëtt dann duerch déi Produktiounen, déi an de Portfolio kommen, gemaach. An et ass och dat, wat iwwer Joren opgebaut gëtt, wouvunner um Enn vun all Schouljoer den Enseignant mam Schüler zesummen en Tri mécht a seet: „Dat do loosse mer dran, dat dokumentéiert am Fong gutt d'äi Wëssensstand vum Moment.“ An et ass dat, wat dann herno bei de Jury geet.

Doniewent ass et jo esou, dass deen Neie Lycée selbstverständlich déi Épreuves communes, déi op der Neuvième respektiv op der Cinquième an alle Klassen, an alle Schoule gemaache gëtt, och mécht, an dat ass jo och een Element vum Dossier, wat jo da weist, wéi de Schüler sech situéiert par rapport zu deenen anere Schüler am Lëtzebuerger Land.

An da kënnt déi grouss Innovation. Dat ass déi, dass de Jury dann herno d'Orientatioun decidéiert, an dass mer also kloer déi Equipe dovunner trennen, déi Schoul hält an déi de Schüler begleet, déi am Fong eben hir Roll huet als Trainer. Si maachen eng Recommandatioun. Si soen: „Mir mengen dat do ass e Schüler fir eng Troisième B, an dat do ass ee fir eng Dixième paramédicale.“ Mä de Jury muss dat analyséieren a soen, esou ass et, oder esou ass et net.

Déi fënneft grouss Neierung, dat ass effektiv, wéiwaît d'Elteren do mat era kënnen schwätzen. Dat ass jo och hei vun deenen engen als ganz gutt fonnt ginn, an déi aner fannen dat eng Katastroph. Och dat ass mengen ech een Element, duerch dat mer soen, mir hätte gären, dass d'Elteren ganz enk mat der Schoul zesummeschaffen. Ech mengen, dat ass wichteg. An ech mengen dat net nëmmen: All d'Experimenter weisen och, dass, wann eng gutt Zesummenaarbecht zwëschen der Schoul an dem Elterehaus besteet, dat fir d'Kanner immens wichteg ass fir hir Entwécklung, well se gesinn, dass do e gemeinsaamt Zil an e gemeinsaamt Objektiv ass.

Dofir sinn ech frou, dass mer hei och eng Manéier fannen, fir auszuprobéieren, wéi et dann ass, wa mer d'Eltere méi no bei d'Orientatioun, bei d'Evaluatioun associéieren a wa mer se matschwätze loosse.

Ech ginn dovunner aus, dass wann do e regelméisseg Echange stattfënnt a wann d'Elteren ëmmer erëm Zensur kréien, wou eng Description drop ass, wou beschriwwen ass, wat effektiv dem Kand seng Progrès sinn, wou seng Schwierigkeete sinn, wou seng Stärken sinn, dass et da vill méi einfach gëtt fir zesummen eng Décisioun ze huelen, wéi dass dat all Kéier - net all Kéier, mä a ville Fäll - eng dramatesch Konfrontatioun gëtt zwëschen der Schoul an den Elteren.

An ech froe mech oft: Wou hu mer de Kanner dann do en Dénsgscht geleescht, wa mer déi Konfrontatioun solle kommen loosse? An eigentlech wëllt jo jiddfereen, dass dat Kand sech an der Schoul gutt entwéckelt. Dat ass jo d'Objektiv, an ech sinn esouguer dovunner iwwerzeegt, dass doriwwer eigentlech keen Désaccord besteet. Mir hätte jo gären, dass eis Schüler sou vill wéi méiglech vun der Schoul profitéieren, fir esou waît wéi méiglech ze kommen a sou héich wéi méiglech Kompetenzen ze entwéckelen. An do gëtt et dach eigentlech keng Divergence de vue.

D'Fro ass just: Wéi brénge mer et fäerdeg, d'Schüler an d'Enseignanten esou ze motivéieren, dass se dat Objektiv wëllen zesummen erreechen?

Wann een de Kanner eng Offer mécht a seet, dir dierft oder dir

musst - jee wéi een et dréit - vu moies aacht bis hallwer fënnef all Dag an der Schoul sinn, da mengen ech schonn, dass d'Schoul sech muss Méi gi fir eng interessant Offer unzibidden, fir dass d'Kanner gären dohinner ginn, dass se motivéiert sinn, well soss kann dat net fonctionnéieren. Wann een an deene Stonne mat motivéierten Enseignanten a motivéierte Kanner keng formidabel Resultater erauskritt, da weess ech net méi, wat mer müssen an der Schoul asetzen, fir dass et fonctionnéiert.

Dee leschte Punkt, deen dann nei ass bei dësem Lycée, mä deen awer Retombéen huet op all déi aner Schoulen, dat ass d'Evaluatioun duerch d'Uni Lëtzebuerg.

Ech mengen, dat wär e wichtegt Element. Et ass fir eis wichteg ze wëssen, wa mer eng experimental Schoul maachen, dass mer déi vun Ufank un evaluéieren. Et ass awer grad esou wichteg, wa mer wëllen e Verglach hunn a wa mer wëllen Aussoen hunn, déi och iwwert den Dag eraus eppes wäert sinn, dass mer dann École-témoins hunn. Dat heescht, dass déi Evaluatioun net nëmmen am Neie Lycée gemaach gëtt, mä dass se och parallel an anere Lycéee gemaach gëtt, fir dass ee ka vergläichen. Sou dass mer vum September un am Neie Lycée mat der Uni Lëtzebuerg eng Evaluatioun maachen an nach an anere Lycéeen, fir ee Verglach ze hunn iwwert d'Joren, wéi dat soll fonctionnéieren.

Oft ginn ech gefrot: Wat gëtt dann elo? Wat ass do pilote a wat ass unique an där Schoul?

Ech mengen, dass ech déi Ausso haut net esou ka maachen. Dat Eenzezt, wat ech ka soen, dat ass: Et ass net geduecht de Modell vun enger Ganzdagsschoul iwwert d'ganzt Land ze generaliséieren. Dat wäert wuel unique bleiwen an dëser Schoul. Wann nach aner Schoulen déi Demande maachen, fir hir Horairen anescht ze organiséieren, dann hunn ech domadder kee Problem. Dass an all Regioun soll eng Offre scolaire bestoen, wou d'Kanner no de Schoulstonen nach kënnen bleiwen, schéngt mer richtig, ouni dass doduerch awer hire ganzen Horaire muss a Ganzdagsschoul ëmgewandelt ginn.

Wou ech grouss Erwaardungen dru knüpfen, dat ass dat Probéiere vun enger neier Evaluatioun. Ech ka mech erënneren, dass mer iwwer Joren hei soen: „Déi Punkten, dat ass jo schwier. Zwar si mer dru gewinnt, awer vläicht misst een nach accessoire Saachen offréieren.“ Ier mer dat kënnen soen, mengen ech, solle mer deem Neie Lycée eng Chance ginn, fir déi Saachen auszuprobéieren, se ze evaluéieren, se ze dokumentéieren, se ze diskutéieren, ier ee kann dohinner goen a soen, dat eent oder anert Element vun där Schoul do sollte mer generaliséieren.

Hei ass e puermol d'Suerg ausgedréckt ginn, dass ech iwwert dem Neie Lycée déi aner Schoulen net soll vergiessen. Also, ech weess net, ech fannen et normal, dass en Unterrichtsminister fir alleguerten d'Schoulen do ass. An ech fannen et och normal, dass d'Politik dofir suergt, dass all Schoulen eng convenabel Infrastruktur kréien, an dat ass jo dee Programm, un deem mer mam Bauminister zesummen amgang sinn ze schaffe fir weiderkommen.

Dat Zweet ass, dass mat deem Vote vun engem Neie Lycée a mam Ufank vun enger Schoul, déi dann eng experimentell Schoul hei zu Lëtzebuerg ass, d'Reformen an der Éducation nationale net zu Enn sinn. Deen éischte groussen Dossier, dee mer elo diskutéieren, ass dee vun de Sproochekompetenzen, iwwert déi mir eben déi Expertise vum Conseil de l'Europe ofwaarden. Dat ass sécher eppes, wat sämtlech Schoulen ugeet, vun de Primärschoulen iwwert d'Lycéeen, an iwwer wat mer eng

grouss Diskussioun mat hinne mussen féieren.

Mir haten dëst Joer fir d'éischt am Mee eng Journée des projets vun de Lycéeen, an ech muss soen, et war immens interessant, wéi all Lycée seng Projete virgestallt huet. Mir wëllen déi Traditioun och weiterféieren a se ausdehnen, fir dass eben en Echange entsteet an dass mer och dokumentéieren, wat vun Initiativen an de Lycéee besteet, fir dass net all Lycée alles nei ausprobéiert, mä dass mer dat dokumentéieren, échangéieren an eventuell generaliséieren, wat sech bewäert - jee wéi déi Dokumentatioun dann ausfällt.

Ech hunn nach eng Fro kritt zum Transport. Den Här Henckes hat mech gefrot. Den Transport ass organisiert zesumme mam Ministère vum Transport, an zwar mëtels enger Navette vun der Gare bis op Hollerech, respektiv vum Geesseknäppche bis op Hollerech zu deene Stonnen, wou déi Kanner müssen dohinner kommen.

Wat de Coût ugeet, sou ass dat natierlech ganz schwéier ze soen. Sous toute réserve hu mer probéiert deen auszurechnen. Verglach mat engem comparabele Lycée, wann dee bis fonctionnéiert, mat ongeféier 600 Schüler, hu mer ausgerechent, dass mer da 4,6 Enseignant manner brauche wéi an engem comparabele Lycée; par contre hu mer jo dann awer Educateurs. Mir hu jo 13 Educateurs fir de Lycée. No där Berechnung, déi ech do virleien hunn, entsprechen déi 4,6 Enseignanten dem Coût vun néng Educateurs, sou dass mer nach e Surcoût vu véier Educateurs hätten.

Dat ass awer alles äusserst hypothetesch a just fir ze soen, dass mer eis beméit hunn, fir där Demande do entgéintzekommen. Vu dass mer jo och, besonnesch wa mer d'Offre scolaire, den Encadrement ausserhalb vun de Schoule wëllen ausdehnen, an anere Schoulen Educateurs müssen astellen, mengen ech, soll ee vläicht déi Schoulen eng Rei Jore fonctionnéiere loosse an dann d'Evaluatioun maachen, fir ze kucken wéi et mam Coût ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll nach eng Kéier soen, dass ech immens frou sinn, och fir dee Support, deen den Neie Lycée hei an der Chamber fënnt. Et ass normal, wann esou eppes diskutéiert an gestëmmt gëtt, dass déi eng Leit dat mat immensen Erwaardungen ukucken an déi aner mat enger riseger Skepsis. Ech kann dat alles verstoen. Ech huelen un, deemno wéi een Dag dass een huet, dass deeselwechten deen een Dag Skepsis huet an deen aneren eng riseg Hoffnung.

Mir bleift, Iech Merci ze soen. Ech wëll där Equipe, déi den Neie Lycée iwwerhëlt, soen, dass op si eng ganz riseg Erwaardung laascht, an ech wënschen hir vill Asaz. An ech wëll hinnen alleguerten och just soen, dass mir alleguerte wëssen, dass et een immensen Défi ass, dee mir ugin. E puer vun den Défi sinn opgezielt ginn - Projektunterricht, Teamteaching, nei Horairen - also, deen Défi fir d'Equipe ass riseg.

Ech wënschen hinnen an eis alleguerten, dass si där Saach gewuess sinn, an ech sinn iwwerzeegt, dass dat och esou ass.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir bleiwe bei deem, wat ugekënnegt ass. D'Vote gi gruppéiert zum Schluss vun dëser Sëtzung.

■ **Une voix.** - Dat ass mir ganz nei!

(*Interruptions*)

■ **M. le Président.** - Dat war vir d'um éischte President proposéiert ginn an och esou ugehall ginn.

(*Brouhaha général*)

Mir kommen dann zum nächste Projet de loi, an zwar zum Projet de loi 5395 iwwert d'Personal vum Service rééducatif ambulatoire. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen, als éischt Riednerin d'Madame Gantenbein, d'Madame Brasseur, den Här Adam an den Här Henckes. D'Wuert huet dann den Här Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här John Castegnaro. Här Castegnaro, Dir hutt d'Wuert.

4. 5395 - Projet de loi portant engagement à durée indéterminée du personnel du Service rééducatif ambulatoire (SREA)

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

■ **M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Här President, Madame Minister, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, mir sollen haut dem Projet de loi 5395 betreffend dem SREA (Service rééducatif ambulatoire) eis Zoustëmmung ginn. Dëst, nodeem déi zoustänneg Parlamentskommissioun den 28. Juni dëst Joer, de Statsrot de 24. Juni - zwar mat enger Opposition formelle, där mir awer Rechnung gedroen hunn -, an déi zoustänneg Beruffschamber schonn den 12. Dezember 2004 hir Zoustëmmung ginn hunn.

Et ass kee grousst Gesetz - et geet em een Artikel -, mä et ass e Gesetz, wat bedeitend ass fir déi 107 Beschäftegt, dovun 105 Fraen, déi elo endlech gesinn, dass hiert prekär Aarbechtsverhältnis an e festen Aarbechtsvertrag als „employé de l'État à durée indéterminée“ ëmgewandelt gëtt.

An et kann ee soen: Net ze fréi a souwisou war et iwwerfällg, well et eigentlech eng noutwendeg Regulariséierung vum Artikel 13 vum Gesetz vum 24. November 1989 iwwert den Aarbechtsvertrag respektéieren deet, an domat dann, well mir dann awer extra légiféiere mussen, enger peinelcher Situation een Enn gesat gëtt.

Et muss een och soen, dass dëst mat vill Verspéidung eng Unerkennung ass fir eng bedeitend Aarbecht am Interesse vun der Integratioun vu Kanner an eise Primärschoulen. Vu Kanner, déi zu deene Schwächste gehéieren an déi just dofir een Usproch op dës Integratioun an domat och op Chancégläichheet an Zukunftsperspektiven duerch eng gezielte professionnell Ennerstëtzung kréien.

De SREA ass 1994 gegrënnt ginn, wat méiglech war duerch d'Basisgesetz iwwert d'Éducation différenciée vum 24. März 1973 an ass mat ronn zéng Educateurs gestart ginn. Déi positiv Resultater vun der Aarbecht an déi unerkannten Noutwendegkeet vun enger gezielter Begleedung vun deene Kanner, déi zu deene Schwächste gehéieren, huet zu engem permanenten Ausbau vun deem Service gefouert an och zu enger Reorganisatioun vun där Dénsgschtell, ouni dass - leider soen ech - gläichzäiteg déi noutwendeg Regulariséierung ageleet gouf.

Et huet een zënter 2003 erkannt, dass et endlech eng politesch Zoustëmmung géif ginn, fir déi prekär Situatioun an een normaalt Aarbechtsverhältnis ëmzewandelen. An dach huet et bis den 10. November 2004 gedauert, bis d'Schoulministerin Mady Delvaux-

Stehres dee Gesetzesprojet depouéiert huet an dass mir et fäerdeg bruecht hunn, ebe vum Statsrot de 14. Juni 2005 een Avis ze kréien an et als Kommissioun den 28. Juni eestëmmege verabschiede konnten.

Erlaabt mir, Kolleeginnen a Kolleegen, awer e puer zousätzlech an och kritesche Bemerkungen.

Ech gi jo dovun aus, dass dëst héicht Haus haut seng Zoustëmmung gëtt, weinst der Regulariséierung an awer och der Tatsaach, dass mir domat endlech eng kloer Situatioun fir d'Rentree scolaire 2005 an 2006 hunn. Dat ass ee positive Punkt an domat verschwénnt en onnéidege Schéinheitsfleck.

Mä, mat dësem Gesetz - an dat muss een och ënnersträichen - maache mir eigentlech nëmme Vergaangenheitsbewältigung an nëmme e kleng Schrëtt a Richtung Zukunft an dat, well de Stat a senger starrer, onflexibler Organisation, echten, erkannten a festgestellte Bedierfnisser nëmme schwéierfällg an da mat Jore Verspéidung nokënn an net ëmmer senger Responsabilitéit, besonnesch de Bedierfnisser vun deene Schwächsten an eiser Gesellschaft géigeniwwer, gerecht gëtt.

Dann, een aneren negative Punkt: Dee bestoenden Numerus clausus, deen oft en héije Schiedlechkeitseffekt huet, well e reell Besoinen net oder nëmme ganz spéit erkennt a befriddet, respektiv da Léisungen iwwer Emweeër gesicht ginn, wéi an dësem Fall, wou d'Gemengen, souwäit si déi finanziell Moyenen hunn an och déi politesch Responsabilitéit, parallel Dénsgschtelle schafen, déi nëtzlech sinn a mat Sécherheet gutt Aarbecht maachen, mä déi net onbedéngt an de System integréiert sinn.

Mir dierfen a kengem Fall vergiesse, dass et och hei, wéi bei allem, wat mat der Schoul ze dinn huet, em d'Interesse vun eise Kanner geet an do sollt eis keng Ustrengung ze vill sinn, respektiv muss mir bereet sinn - a mir hunn dat jo vir d'run an dem Projet Neie Lycée festgestallt - ëmzedenken an ze innovéieren an domat a bestoendegem Gesetz an deem Sënn ze moderniséieren.

An dofir soen ech: Firwat sollt een net bei der ustehender Reform vum Schoulgesez vun 1912 en neien a méi e breede Kader setzen, fir all deenen Uspréich, déi eis Gesellschaft och un d'Schoul stellt, an deenen Erausforderungen, déi d'Zukunft un eis alleguer stellt, gerecht ze ginn?

Dat géng bedeuten, dass d'Schoul an hirer Organisatioun méi villfältg, an domat menger Meenung no méi effikass kéint ginn, duerch zum Beispill wéi an dësem Fall eng enk Zesummenaarbecht vu Schoulmeeschterinnen a Schoulmeeschteren an Educateurs, an dat géng am Endeffekt och bedeite méi effikass souwuel fir d'Léierpersonal wéi och - a besonnesch - fir d'Kanner. Ass dat Zukunftsmusek? Neen, soen ech. D'Reform vum Schoulgesez, och am Sënn vun eiser aller Interpretatioun vun deene PISA-Studen, muss eng éischt Prioritéit hunn an deenen Erausforderungen an och där heiter Rechnung droen.

Wann ech gesot hunn, dass dëst Gesetz virrangeg Vergaangenheitsbewältigung bedeite, dann ass dat, fir dorop hinweisen, dass mir zur Zäit 135 Unitéiten un Assistenz am Asaz hunn, an zënter 2001 op 2.377 Stonne begrenzter Assistenzaarbecht kommen, e Problem, deen eigentlech entstanen ass aus der Précaritéit vun der Situatioun an duerch d'Noutwendegkeet, dass iwwert de Statsbudget jo all Joer huet misse e gréngt Licht kommen, fir iwwerhaapt kënnen dee Service do unzibidden.

Mä déi Begrenzung, déi eng Flucht no vir war, fir eppes a Bewegung

ze setzen, dréit natierlech net der Realitéit, der wierklecher Realitéit um Terrain Rechnung. Am Kloeertext heescht dat, dass d'Zuel vun de Kanner, déi betreit musse ginn, permanent an d'Luucht geet, an dass domat déi 2.377 Stonne längst net méi duerginn. Dat heescht mat anere Wieder ausgedréckt, et besteet also nach ëmmer e groussen Handlungsbedarf.

Nach eng kéier, Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Gesetzesprojet soll eng definitiv Ustellung vum SREA-Personal erméiglechen an domat éischstens, fest, permanent, geschoulten Equipen, déi duerch e fest Aarbechtsverhältnis och d'Rou an d'Ausgeglachenheet kréien, fir weiderhi wäertvoll, nëtzlech an noutwendeg Aarbecht leeschten ze kënnen; zweetens, ginn iwwert dëst Gesetz - ech widderhuele mech - d'Aarbechtsverträge endlech reguläriséiert an d'Gesetz respektéiert; an drëttens, mat dësem Gesetz gëtt onmëssverständlech, wann och leider mat Verspéidung, de politesche Wellen erneiart an dokumentéiert, deene Kanner, déi Hëllef brauchen, déi och zoukommen ze loossen, esou wéi et de Législateur am Basisgesetz iwwert d'Éducation différenciée vum 14. Mäerz 1973 virgesinn, awer nëmmen hallefhäerzeg ëmgësat huet.

Erlaabt mer alle Kommissionsmitglieder Merci ze soe fir déi gutt an déi schnell an effikass Aarbecht, an och all deenen aneren, déi un der Virbereedung vun deem Ganzen deelgeholl hunn. Ech bieden lech ëm Zoustëmmung an ech benotzen d'Geleeënheet, fir och d'Zoustëmmung vun der LSAP-Fraktioun elo schonn unzemellen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Hâr Castegnaro. Als éischt Riednerin ass d'Madame Gantenbein ageschriwwen.

Discussion générale

Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (CSV).- Hâr President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, fir d'éischt un éischter Stell e grouse Merci un den Hâr John Castegnaro, dee säi Schrëftlechen a mëndleche Rapport mat Engagement virgedroen huet. Hien huet am Fong geholl alles gesot, wat et iwwert dëse Projet ze soe gëtt. Et ass sécherlech a senger parlamentarescher Envergure kee ganz grouse Projet, awer e ganz nëtzlechen, a fir déi Betraffen e wäertvollen. Ech denken och, datt dësen Text eng gewësse Signalwirkung huet, souwuel fir déi Leit, déi an dësem Beräich schaffen, wéi och fir déi Kanner, déi an der Éducation différenciée ënnerbruecht sinn, a fir hir Familljen.

De Rapporteur, an och de Statsrot hu korrekterweis dorobber higewisen, datt déi Betraffen an dësem Secteur opgrond vum Gesetz vum 24. Mee 1989 iwwert den Aarbechtsvertrag schonn de facto en onbefristete Vertrag hunn. Duerch de virleienden Text gëtt u sech dës Situatioun reguläriséiert, wat fir déi, déi am socio-éducativ Secteur schaffen, sécherlech eng Unerkennung an eng Valorisatioun vun hirer Aarbecht duerstellt. Wie sech e bëssen an dësem Beräich auskennt, weess, datt et grad dës Kanner a Schüler sinn, déi op e motivéiert an engagéiert Personal mussen ziele kënnen, an de Rapporteur huet dat jo och ganz ausdrécklech ënnerstrach.

Wa mir haut déi berufflech Situatioun vun deene sëllegechen Educateuren, Infirmieren, Infirmiëren, Ergotherapeuten, Kinésithérapeuten, Orthophonisten, Psychologen, Psychomotriciennen an esou weider am SREA reguläriséieren, dann dréit dat sécherlech zur Motivatioun bäi, déi sech schlussendlech och op d'Aarbecht mat de Kanner wäert néierschloen. Duerch dës Regulariséierung ass et méiglech, an deene verschiddene Secteuren

Equipen op d'Been ze stelle mat spezifesch ausgebildtem Personal, déi stabil sinn. Eng ganz wichteg Viraussetzung fir gutt edukativ Aarbecht kënnen ze leeschten. Mat dëser Regulariséierung signaliséiert d'Politik awer och, datt se d'Integratioun vun de Kanner mat Besoins spéciaux ganz eescht hält an hir Integratioun an den normalen Unterrecht wëllt favoriséieren.

Ech wëllt awer och nach eng kéier op dëser Plaz dorun erënneren, datt d'Madame Minister am Kontext vun der Debatt vum 1. Juni 2005 iwwert de Gesetzesprojet 5275 iwwert de personelle Kader an eise Lycéeën an Aussicht gestallt huet, fir de Chargéen am Secondaire eng ähnlech gelagert Léisung virzeleeë wéi déi, déi mer an der leschter Legislaturperiod am Primär ausgeschafft haten. Meng Fraktioun an ech hoffen, datt mer am Hierscht dësen Text kënnen op de parlamentaresche Leescht huelen.

D'Problematik ass nämlech ähnlech gelagert wéi déi beim SREA. Den Enseignement secondaire ass an deenen nächste Joren nach op Chargéen ugewisen. Dat gëllt virun allem am Cycle inférieur vum Technique, am Préparatoire an am Modulair. Et sinn dat Klassen, wou d'Schüler eng besonnesch Opmierksamkeet brauchen. Et si Klassen, déi dacks vu Chargéë betreit ginn. Och hei kann eng Regulariséierung e positiven Effet hunn op d'Motivatioun vum Léierpersonal.

Wann ech richtege an der Debatt nogelies hunn, ass de Projet sou wäit fäerdeg a kann zesumme mat dem entspreche Règlement grand-ducal iwwert d'Konditiounen vun der Formatioun an de Regierungsrot.

Dëst gesot, Dir Dammen an Dir Hären, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Gantenbein. Als nächst Riednerin ass d'Madame Brasseur ageschriwwen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

Mme Anne Brasseur (DP).- Hâr President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet kann ee soen „endlech“! Mir hunn hei e Fall vum Fonctionnement vum Stat, wou mer ons all musse Froe stellen. 1973 ass d'gesetzlech Basis geschaf ginn, fir esou Interventiounen vu spezialiséierte Leit an de Schoulen ze erméiglechen, wann de Besoin sech bei Kanner géng stellen. Dat huet da bis 1994 gedauert bis dat an d'Praxis ëmgësat ginn ass a bis dee Service rééducatif ambulatoire geschaf ginn ass, well de Besoin effektiv do war.

De Problem war awer, dass de Stat engersäits de Besoin erkannt huet, e Service geschaf huet, sech d'Moyenen an de Ressources humaines awer net ginn huet, fir deem Besoin nozekommen. An dann ass op en Trick zrëckgegraff ginn, an dat hunn déi sukzessiv Regierunge gemaach. Ech attackéieren hei keen, mä et muss ee sech d'Fro stellen: Funktionéiere mer richtege, esou wéi mer organiséiert sinn?

Et ass nämlech iwwert d'Loi budgétaire dann all Joers eng Stonnenzuel festgesat ginn, déi dee Service zur Verfügung hält, fir kënnen ze funktionéieren. Dat heescht, d'Dépense ass vum Stat getätegt ginn, mä op där anerer Säit sinn awer keng Leit fest agestellt ginn, obwuel mer se gebraucht hunn. Dat ass menger Meenung no e Wee, dee mer an Zukunft net méi dierfe goen.

Mir hunn nach aner Beispiller vu Servicer, déi de Stat schaaft duerch e Gesetz, well e Besoin do ass, an op där anerer Säit gëtt hie sech net d'Ressources humaines, an da gëtt probéiert iwwer Zäitkontrakter oder hei iwwer Stonnenzuelen iwwert d'Ronnen ze kommen.

An dat éischstens au détriment vun deene Leit, déi esou beschäftegt ginn. Et ass jo och konträr zum Aarbechtsgesetz, an ech wëll dem Rapporteur félicitéiere fir déi kritesch Téin, déi hien och ugeschloen huet.

Et ass och net gutt fir de Service selwer a fir d'Kanner, déi betreit ginn, well ëm déi geet et jo schliesslech hei. Et huet een nämlech festgestallt, dass an deem Service e ganz groussen Turnover war. Well déi Leit, déi do geschafft hunn, an enger prekärer Situatioun waren, hu se da probéiert eppes aneschtens ze fannen, a soubal si an engem anere Secteur e richtege Aarbechtskontrakt kruten, si se fortgaang, wat mat sech bruecht huet, dass dauernd Fluktuatiounen an deem Service waren, wat net gutt war fir de Service, mä et war virun allem net gutt fir d'Kanner.

Duerfir musse mir ons iwwerleeë bei all neiem Gesetz, wat mer stëmmen, dass mer do zur Situatioun kommen, dass mer ons dann och d'Ressources humaines ginn, quitte dass dann de Numerus clausus muss an d'Luucht goen. Well, mir léien ons an déi eegen Täsch a mir fuddelen am Fong, well d'Dépense fir de Stat, déi bleift awer iwwert de Budget, well déi Leit mussen rémunéréiert ginn. Mir contournéieren d'Aarbechtsgesetz a mir dreiwen d'Leit an eng Prekaritéit, déi mer awer wierklech net kënnen zouloossen.

Dofir sinn ech frou, dass dee Projet endlech op den Ordre du jour kënnt, well, gleeft mer et, et ass eng Situatioun, mat där ech och konfrontéiert war, an et war net esou einfach - legislativ gesäit et einfach aus, well et ass just een Artikel -, mä et war net esou einfach, dat hei deblockéiert ze kréien, fir dass een déi Stonnenzuel, déi am Budget steet, a Poste géng ëmwandelen.

2001 - an de Rapporteur huet dat och ervirgetrach - ass d'Stonnenzuel agefruer ginn, an dat war net well kee Besoin do war, mä, wéi de Rapporteur et och gesot huet, fir net virunzufueren nach méi Leit an déi prekär Situatioun ze bréngen, well ee soss als Arbeitgeber net seng Responsabilitéit iwwerholl hätt. An ech wor der Meenung, dass fir d'éischt misst de Problem geléist ginn am Intérêt vun de Leit, am Intérêt vum System an am Intérêt vun de Kanner, déi betreit ginn.

De Projet de loi, dee konnt érischt finaliséiert ginn no de Wahlen, dass e prett wor, an no de Wahle konnt ech kee Projet méi déposéieren. Dofir sinn ech frou, dass dat dunn am November duerch d'Madame Delvaux geschitt ass an dass mer elo dee Projet hei um Ordre du jour hunn.

Menger Meenung no solle mer ons dat hei och virun Aen halen, wa mer aner Servicer beim Stat schaffen, och an aneren Domänen, dofir riicht et sech un all d'Deputéierten, dass mer oppassen, dass dat do net nach eng kéier passéiert.

D'Madame Gantenbein huet zu Recht de Problem opgeworf vun de Chargés de cours, am Secondaire, do hu mer eng ähnlech Situatioun. Mir haten se am Primaire. Mir hunn do Leit gebraucht. Mir hunn awer refuséiert hinnen e Statut ze ginn, eng Aarbechtssécherheet. Wann de Stat Leit brauch, da muss en och als Patron, wéi de Privatpatron dobaussen och, sengen Obligatiounen nokommen an net soen: „Der Mohr hat seine Schuldigkeit getan, der Mohr kann gehen.“ Dofir musse mer och eng Solutioun am Secondaire fir d'Chargés de cours fannen.

Mä erlaabt mer, Hâr President, Dir Dammen an Dir Hären, fir nach ee Wuert ze soen iwwert de Service vum SREA an d'Éducation différenciée. Eng Zäitchen ass déi Diskussioun net gutt gelaf. Et wor näm-

lech eng Spannung, dass gesot ginn ass: Hei sinn d'Centres d'éducation différenciée an do sinn déi integréiert Kanner. An da goufen et Leit, déi hu gemengt, all handicapéiert Kand misst onbedéngt integréiert ginn an et misst alles gemaach ginn. An aner Leit hu gesot: Ah neen, dat geet dann au détriment vun der Éducation différenciée.

Mir hunn awer nëmmen eng Zort vu Kanner, déi Problemer hunn, an déi sinn heira regroupéiert. Dofir ass et menger Meenung no net e Richtungssträit, deen ee muss féieren - Muss integréiert oder deelintegréiert ginn? -, mä et muss een ëmmer vun der Situatioun vum eenzelne Kand ausgoen. A wann au départ d'Integratioun bei klenger Kanner sech vläicht relativ llicht mécht, well do d'Differenze mat deenen aneren net esou grouss sinn a well se do nach akzeptéiert ginn am Grupp, an opgrond vun hire Capacitéiten och vill kënnen mat ewechhuelen, a well déi aner Kanner an der Klass och ganz vill kënnen dobäi léieren, esou ass dat awer, wann d'Kanner e bësse méi al ginn, net onbedéngt de Fall.

Dofir muss een differenzéieren a fir all Kand e Projet maachen, deen dauernd muss ugepasst ginn, an dass een dat muss als Léisung fannen, wat dat Besch vum Kand ass, an net drun erugoe mat den Aen, dass gesot ginn ass: „Dat do ass ee fir eng Edifsklass“, an ze maachen, wéi wann déi Aarbecht net esou gutt wier.

Ech si frou, dass déi Diskussioun elo Gott sei Dank e bëssen nogeloss huet. Well ech ka mech erënneren, dass mer an der leschter Legislatur eng kéier eng Visite gemaach hunn an e Centre d'éducation différenciée. Ech hat gefrot dat kënnen ze organiséieren, well ech der Meenung wor, dass d'Deputéierte mol solle kucken, wat do mat de Kanner geschafft gëtt. Do gëtt jo ebe just fir Kanner, déi Schwierigkeeten hunn, spezifesch op hir Schwierigkeeten e Programm dévoppéiert an doduerch maachen se Progrës, mä et ass ee Moment duergestallt ginn, wéi wann déi Kanner um Ofstellgleis wieren. Or, dat ass op kee Fall richtig.

Dofir sinn ech frou, dass déi ganz Diskussioun sech elo, Integratioun oder net Integratioun, méi entkrampft huet. Menger Meenung no muss mer ons virun d'Moyenë ginn an dat hei ass ee Schrëtt an déi Richtung fir déi Kanner, wou et méiglech ass, kënnen ze integréieren. Mä wann een se wëllt sënnavoll integréieren, da muss een och deen néidegen Encadrement hunn.

Wat den Encadrement ubelaangt, esou géng ech mer wënschen, dass, nodeem de Problem hei geléist ass, ee géng fäerdeg bréngen Equipen ze schaffen - et si jo scho regional Strukturen elo geschaf ginn -, mä dass kënnen gréisser Schoulgebaier op stabil Personal zrëckgräifen, déi ganz an d'Gebai och integréiert ginn an esou sënnavoll als Ressourcë fir d'ganz Gebai kënnen ugesi ginn.

Ech wëll och hei ënnersträichen, dass déi Aarbecht, déi déi Leit leeschten a gelescht hunn, souwuel am SREA wéi an de Centres d'éducation différenciée, eng formidable Aarbecht ass. Eng Aarbecht, déi net llicht ass. Eng Aarbecht, wou een och heiansdo u seng Limité stéisst a wou ee gesäit, dass een net alles kann erreeche mat deene Kanner, wat ee sech virgestallt huet, wou et Réckschléi och gouf. A wann ech dann déi Leit kucken, ënnert deene schwierigste Bedingungen, a beim SREA och nach ënner prekäre Bedingungen schaffen, an ech froen se: „Wéi maacht Der dat, Är Aarbecht mat esou engem Engagement ze maachen?“ Da soe se: „Mir kréien enorm vill vun deene Kanner erëm.“

An ech mengen dat muss een erliwwen. Et muss ee gesinn, wéi

esou Centrë funktionéieren. An ech wëll hei meng Unerkennung all deenen ausdrécken, déi an deem Secteur schaffen a sech enorm asetze fir d'Scolarisatioun vun deene Kanner, déi d'Chance net hunn esou kënnen ze evoluéiere wéi all déi aner Kanner.

No deene puer Remarquen, Hâr President, Dir Dammen an Dir Hären, wollt ech den Accord vun der DP-Fraktioun ginn an nach eng kéier en Appel un ons maachen, wa mer an Zukunft Servicer schafe beim Stat, egal a wellechem Domän, da muss mer och dofir suergen ons d'Moyenen ze ginn en ressources humaines, fir dat kënnen nozevollzéien. Well soss si mer muer an engem aneren Domän erëm op deemselwechte Punkt wéi hei, an dat ass net gutt, weder fir de Fonctionnement vum Stat, nach fir déi Betraffen, nach besonnesch fir de Service, dee mer um Bierger musse leeschten.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Dann huet den Hâr Claude Adam d'Wuert.

M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).- Hâr President, Dir Dammen an Dir Hären, den honorablen Hâr Castegnaro huet et scho gesot fir unzefänken: Mir maachen haut e Stéck Vergaangenheitsbewältigung.

Als gréng Fraktioun bedauere mir et selbstverständlech och, datt dat esou laang gedauert huet, bis datt mer endlech esou wäit sinn, datt déi Leit, déi beim SREA schaffen, kënnen fest agestellt sinn.

Ee Service schafen a géréieren, wou een de Leit keng fest Ustellung ka ginn, ass en Nodeel fir deen, deen e Service géréiert. Et ass en Nodeel fir déi Leit, déi do schaffen. Et ass dovu geschwat ginn, datt ganz vill Leit, déi, wa se d'Méiglechkeet haten an en anere Service ze kommen, wou se besser Konditiounen kritt hunn, dann och dovu Gebrauch gemaach hunn. A schlussendlech ass dat och fir déi Kanner, déi vun deem Service profitéieren, net glécklech.

Duerfir: Gutt, datt mer haut dee Projet hunn. Mir wäerten als gréng Fraktioun dee Projet selbstverständlech och mat Jo stëmmen.

Erlaabt mer just kuerz ze soen, an den Hâr Castegnaro huet dat och schonn ugeschnidden: Et ass awer nach keng Antwort op déi zukünfteg Entwécklung. An ech mengen, och do misst ee sech Gedanke maachen. Et ass ugeschwat ginn, ob een dat vläicht am neie Schoulgesetz kéint mat verschaffen. Op alle Fall ass dat eng gutt Geleeënheet fir ze diskutéieren.

Firwat? Majo et gëtt um Terrain ganz vill Servicer. Et gëtt scho laang de Service de guidance de l'enfance an et gëtt de SREA, an da gëtt et och nach esou eppes wéi en Appui communal, deen op ënnerschiddleche Gemenge ganz wäit geet, fir dann net iwwert d'Logo an esou weider nach ze schwätzen.

An ech mengen, do misst mer eis och nach Gedanke maachen, wann een d'Entwécklung vum SREA kuckt, wou ee seet, si hu '94 ugefaange mat 135 Unitéiten, 2001 ass et agefruer ginn op 2.377 Unitéiten, da kann et jo elo net sinn, datt dat een exponentiell Wuessstum gëtt. Dat heescht, mir mussen eis schonn iwwerleeën, wéi eis Servicé fir d'Enfants à besoins spécifiques an de Schoulen an Zukunft organiséiert ginn.

Ech freeë mech op déi Diskussioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Hâr Adam. Den Hâr Gibéryen freet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (*ADR*).- Merci, Här President. Mäi Kolleeg Jacques-Yves Henckes sollt am Fong zum Projet schwätzen, mä en ass an enger Sitzung, mengen ech, an der Gemeng Lëtzebuerg. Dofir wëll ech am Numm vun eiser Fraktioun awer d'Zoustëmmung zu dësem Projet bréngen.

(*Interruption*)

Et ass schwéier hien ze ersetzen, mä ech versichen et awer.

Ech wëll d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun bréngen. Ech wëll dem Kolleeg Castegnaro Merci soe fir säi gudden Rapport, deen en hei gemaach huet. An et ass, mengen ech, vu menge Virriedner alles, wat am Zesummenhang mat dësem Projet ze soen ass, gesot ginn.

Ech mengen et ass wichteg, nodeem datt mer bei de Chargéen am Primaire, wou mer eng ähnlech Situatioun haten, am Secondaire besteet se nach, datt mer hei déi Onsécherheet eraushuelen an duerch dëst Gesetz d'Situatioun vun deene Leit regelen. Ech mengen, dat wat mer dem Privatsektor am Fong mat Recht virschreien, datt d'Leit mussen a festen Aarbechtsverhältnissen sinn, do misst de Stat am Fong och bei sech esou eng Situatioun schafen.

Et ass ëmmer ongesond, wa mer virun allem an der Education op verschiddenen Niveauen déi Situatioun hunn an haten, wou Leit keng fest Aarbechtsverträge hunn. Ech mengen dat ass net gutt fir eng Situatioun an der Schoul. Déi Leit hunn eng grouss Responsabilitéit, virun allem déi heite Leit, an duerfir soll een och deene Leit déi Garantie ginn, déi se brauchen, fir esou eng Aarbecht kënnen ze maachen. Duerfir ass dat hei e gudden Projet, deen eis Zoustëmmung féint.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Dann huet elo d'Madame Unterrichtsministerin d'Wuert.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Education nationale et de la Formation professionnelle*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech freee mech haut fir d'zweet,...

(*Hilarité*)

...well mer dat Gesetz vum SREA haut stëmmen, well och déi grouss Unanimitéit hei an der Chamber besteet a wat jo u sech net erstaunlech ass, well dee Projet ass iwwerzeigend an et ass héich Zäit, dass déi Leit, déi als Chargés iwwer Joren am SREA agefallt sinn, e feste Kontrakt kréien.

Ech muss soen - ech huelen u menger Virgängerin ass et esou gaangen a mir geet et och esou -, dass ee sech schummt, wann een deene Leit begéint a wann ee weess, dass hir Aarbechtskontrakter net an der Rei sinn, an ech si frou, datt ech hinnen elo ka mat manner Gëne begéinen, well se dann endlech regulariséiert sinn.

Ech sinn och mat all deenen d'accord, dass mer eis musse Moyenne gi fir esou Situatiounen wéi där do an Zukunft ze vermeiden an awer déi Servicer, déi mer brauchen, kënnen unzëbidden - a mir brauchen déi Servicer!

Wa mer elo soen, mir sinn um Niveau vun 2001 - do hu mer eigentlech d'SREAs-Stonnen agefruer - a mir sinn elo 2005, an deemools sinn eigentlech Kanner betreit gi bis an d'sechst Schouljoer, dat heescht, et war geduecht vun 1994 un, wou de SREA gegrënnt ginn ass, fir dat dann ëmmer wuessen ze loossen, dass een dann eng Kéier dee ganze Curriculum vun de Kanner, sou laang wéi se schoufflichteg sinn, dat war also bis 15, 16 Joer, géif gesinn, wat ongeféier de Besoin war an dann hätt een eng Iddi vum Ordre de grandeur.

Vu dass 2001 aus verständleche Grënn d'Stonnenzuel agefruer ginn ass, si mer eigentlech ni op deen

Niveau komm, wou mer genau wossten, wat d'Besoinë wäre fir eng Population scolaire donnée. En plus wësse mer jo, dass mer all Joer méi Kanner an eis Primärschoule kréien a mir kréien och Kanner, deenen hir Besoinen och wahrscheinlech an d'Luucht ginn. Et ass net esou, dass d'Zuel vun den Enfants à besoins spécifiques proportionell zu eiser Population scolaire ofhëlt; si bleift pour le moins constant. Dat heescht, ech ginn dovunner aus, dass mer elo eng Situatioun regulariséieren - wouriwwer ech frou sinn -, mä dass mer an Zukunft awer nach Leit brauche fir all déi Servicer, déi déi Enfants à besoins spécifiques do a charge huelen.

Déi Diskussioun, wéi mer déi Servicer sollen organiséieren, wäerte mer am Hierscht féieren am Kader vun deem neie Schoulgesetz, wou ech déi Servicer gäre géif dran integréieren.

D'Madame Gantenbein huet gefrot, fir et ähnlech bei de Chargés de cours am Enseignement postprimaire ze maachen, wat elo net direkt eppes heimadder ze dinn huet, mä wat awer eng ähnlech Problematik ass, wou d'Zuel och immens ugeklommen ass a wou mer och fir den Hierscht e Projet an d'Regierung ginn, fir deenen och eng Solutioun unzëbidden, dass se e feste Kontrakt kënnen kréien.

Fir op d'Kanner à besoins spécifiques zrëckzekommen. Ech hunn eigentlech déi Iwwerleeung net richtig verstanen, mä fir mech ass et awer kloer, dass Kanner mat Besoinen spécifiques Kanner sinn, déi der Obligation scolaire ënnerleien an deene mer mussen an der öffentlecher Schoul eng Scolarisatioun bidden, déi hinnen et erlaabt och hir Potentialitéiten esou ze entwëckelen, well och fir Kanner à besoins spécifiques oder enfants à handicap muss et e Förderplang ginn, muss et en Enseignement ginn, deen se esou wäit bréngt, wéi et méiglech ass.

An elo weess ech net ob et ubruecht ass iwwert déi beschte Manéier, wat ass den Advantage vun där enger Form vu Scolarisatioun par rapport zu där aner, ze streiden. Fir mech ass et zimlech kloer, de Prinzip ass d'Integratioun. Nëmme wann d'Integratioun schwierig ass, da mussen mer kucke Léisungen ze fannen, an an all Fall mussen mer Léisungen fannen, déi op d'Besoinë vun all Kand zougeschnitten sinn an em déi an eiser Schoul offréieren.

Ech soen Iech alleguerter Merci, dass Dir dat Gesetz hei stëmmt.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5403 iwwert de Code des assurances sociales. Et sinn ageschriwwe bis elo den Här Wagner an den Här Jaerling. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Romain Schneider.

5. 5403 - Projet de loi modifiant

1) le Code des assurances sociales;

2) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois;

3) la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Romain Schneider (*LSAP*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Ofschloss vun dësem Schouldag nach e klengen techneschen Projet vun der Sécurité sociale. Dat ass de Projet de loi 5403 iwwert d'Modifikatioun vum Code des assurances sociales, awer och vum modifizéierte Gesetz vum 3. August 1998 iwwert d'spezial Pensiounsregime vun de Statsbeamten, vun de Gemengen a vun de Beamten vum CFL, an derniewent d'modifizéiert Gesetz vum 28. Juli 2000 iwwert d'Koordinatioun zwëschen deenen eenzelne Regime vun de Pensiounswesen.

Dëse Projet de loi gouf vum Sécurité-sociale-s-Minister Mars Di Bartolomeo de 24. November 2004 an der Chambre des Députés déposéiert. De Conseil d'État huet een éischten Avis den 22. Februar ginn an een zweeten Avis, nodeem d'Parlament dräi Amendementer eragereecht hat, de 14. Juni. D'Kommissioun huet iwwert dës Avisen an och iwwert de Projet de loi befont an an enger Sitzung vum 21. Juni eestëmmege de Rapport ugeholl.

Em wat geet et elo an dësem Projet de loi, deen een am Prinzip an dräi Punkte kann zesummeefaassen?

Den éischte Punkt ass deen, de Projet de loi probéiert virun allem fir eng Rei vun Effets malencontreux, déi generéiert goufen duerch Interferenze vun zwee Gesetz, ze klären, ze redresséieren. Dat ass éischstens d'Gesetz vum 9. Juli 2004 iwwert d'Effets légaux vun dem PACS-Gesetz, dat en vigueur getrueden ass den 1. November 2004, an zweetens d'modifizéiert Gesetz vum 28. Dezember 1988 iwwert d'Reglementatioun vun dem Accès op verschidde Professionen: Artisan, Commerçant, Industriel, awer och liberal Professionen an déi natierlech och Agréff haten an de Code des assurances sociales. E Gesetz, dat also gestëmmt gouf den 9. Juli 2004, mä dat en vigueur getrueden ass de 15. August 2004.

Virun allem viséiert an dësem Projet de loi sinn eng Rei Punkten, an dat sinn d'Punkten 1), 2), 7), 8), 13), 14), 16), 18), 19), 20) an 21), déi direkt iwwerholl ginn am Code des assurances sociales an déi do Bezuch hunn op d'Artikelen 1, 5, 85, 95, 171 an 180, an déi eis also erlaben déi Problemer, déi opgetaucht sinn, d'Effeten dovun, wat d'Loi d'établissement ubetrëfft, de Volet sécurité sociale virun allem, ze évitéieren, fir datt net eng Mise à néant vun deenen zwee Gesetz an dësem Volet géing geschéien. Dës Modifikatiounen erlaaben et eis aus där doter Situatioun erauszekommen.

Am zweete Fall ass et dann och den Artikel 293 vum CAS, deen emgéännert gëtt an dat wat d'Delegéierte vun de Juridictions sociales ubetrëfft, dat virun allem och no engem Avis vum Conseil d'État, deen hei kloer an engem Projet de loi gesot huet, datt d'Organer vun der Union des Caisses de Maladie misste modifizéiert ginn an dat mécht deen heite Projet de loi andeem en de Mode de nomination, virun allem och d'Zuel an d'Durée vun de Funtkionen vun dësen Delegéierten, determinéiert.

An dann drëttens gouf profitéiert vun dësem Gesetz, fir en Toilettage ze maache vun enger Rei vun Artikelen vum CAS.

Dëse Projet de loi, wéi gesot, gouf analyséiert vum Conseil d'État, deen eng Rei Propositionen hat, déi d'Kommissioun iwwerholl huet. An zu deenen dräi zousätzlechen Amendementer, déi nach eng Kéier eragereecht goufen de 26. Abrëll 2005, wou bei deenen zwee éischten Amendementer, wou et sech ëm eng Erreur d'interligne gehandelt huet, wou am Prinzip dee ganzen Text eng aner Bedeitung kritt hätt, keen Asproch war vum Conseil d'État.

Och am drëten Amendement, wou mer een Artikel 5 bäigefügt hunn, fir och hei ze évitéieren, datt d'A-Kraaft-Triede vum Gesetz Changementer géing bréngen op bestehend Affiliatiounen, och hei gouf dat transitoire dra gesat, datt et keng Ännerungen dierft op bestehend Affiliatiounen hunn, ausser wann d'Personen dat géinge selwer froen, respektiv wa Circonstances juridiques do wieren, déi deem géifen entgéint goen.

An deem Sënn, no mengen éischter techneschen Erklärungen vun deem wierklech techneschen Projet hei, géing ech mäin Accord ginn zu dësem Projet de loi an an engems och dee vun eiser Fraktioun erdeelen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Als éischt Riednerin ass d'Madame Stein-Mergen ageschriwwen. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Stein-Mergen (*CSV*).- Merci, Här President. Ech géif wëllen am Numm vun eiser Fraktioun dem Rapporteur villmools Merci soen, dass hien dat effektiv eminent technesch Gesetz esou gutt rapportéiert huet an och hei erkläert huet an ech géif wëllen den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Stein. Den Här Wagner!

M. Carlo Wagner (*DP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och selbstverständlech dem Rapporteur, dem honorabelen Här Romain Schneider, félicitéieren fir säi mëndlechen an och schrëfleche Rapport. Esou wéi e richtegerweis gesot huet, ass dee Projet de loi hei essentiellement technescher Natur. Ech muss awer soen, dass en trotzdeem eng Rei vun Ongereimtheeten an Incompatibilitäten zwëschen verschiddene Gesetz an och dem CAS, dem sou genannte Code des Assurances Sociales, aus der Welt schafft an dofir ouni Zweifel ganz utile ass.

Dofir ginn ech och am Numm vu menger Fraktioun, der Demokratescher Partei, den Accord zu dësem Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Wagner. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Jaerling ageschriwwen.

M. Aly Jaerling (*ADR*).- Här President, och vun eiser Säit aus dem Rapporteur Merci fir säin detailléierte Rapport. Ech géif mengen, den éischte Schrëtt a Richtung Rentegerechtigkeit ass eng gutt Koordinatioun emol tëschent de Regime, an nodeem dass mer elo hei all Artikelen dohinner placéiert hunn, wou mer se gäre gehat hätten a wou se och higehéieren, kënnen mir och nëmmen eis Zoustëmmung zu deem Gesetz ginn.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Dann ass d'Diskussioun ofgeschlossen. D'Wuert huet nach d'Regierung, den zoustännege Mi-

nister, den Här Mars Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Merci, Här President. Ech géif dem Rapporteur Merci soe fir déi effikass Aarbecht, grad wéi der gesamter Kommissioun.

Hei handelt et sech net ëm e spektakuläert Gesetz, mä awer e wichtegt Gesetz, dat Inélgancen an net gewollten Zesummewierke vun anere Gesetz erëm op déi richteg Schinn bréngt. Dofir wollt ech der Chamber e grouse Merci soen, dass se esou schnell geschafft huet, an ech stelle mat Freed fest, dass bei allen Intervenanten Unanimitéit hei bestanen huet.

Merci, Här President.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Da komme mer zu de Voten.

6. 5434 - Projet de loi portant création d'un lycée-pilote (suite)

Mir stëmme fir d'éischt of iwwert de Projet de loi 5434 iwwert d'Schaffung vum Lycée-pilote.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Une voix.- Passt op, ech hunn hei dee Knäppche fir d'Schleidersëtzer! Déi zweet Rei, dee mam orangen Dëngen...

M. le Président.- De Projet de loi 5434 ass mat 50 Jo-Stëmmen, bei 10 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koulen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt), Marcel Oberweis, Patrick Santer (par Mme Marie-Josée Frank), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Marcel Sauber), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Anne Brasseur), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Henri Grethen), Claude Meisch (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass dat esou décidéiert.

(**Interruption**)

Här Bettel?

M. Xavier Bettel (*DP*).- Eis Fraktioun gëtt d'Dispens net, Här President!